

August 2011 N° 28



Fäschber
Gemeengeblat



Layout: Ren Spautz

Redaktion: Dany Hermes, Andrea Wagner, Georges Brosius, Marc Kolber, Roland Miny, Ren Spautz, Frank Weyrich.

Mitarbeiter: Olivier Molitor, Mireille Garson, Gina Hermes, Patrick Delmarque, Serge Hoffmann, Claude Malget, Chantal Fohl, Samantha Gorza, Luss Brosius, Marie-Anne Kauffmann, Mélanie Schumann, Sarah Bamberg, Edmond Haas, Paul Provost, Marie-Louise Haas.

Druck:

Faber-Print services & solutions
Mersch

Seite 1:	Foto Serge Hoffmann
Seite 2:	Inhaltsver. & Virwuert
Seite 3:	Hecke planzen
Seite 4:	Liesnomëtteg
Seite 5:	Éischte Mée, Redaktioun
Seite 6:	Sportsweekend
Seite 7:	Sportsweekend
Seite 8:	Sportsweekend
Seite 9:	Sportsweekend
Seite 10:	Gemengesetzung
Seite 11:	Gemengesetzung
Seite 12:	Rock op der Héicht
Seite 13:	Rock op der Héicht
Seite 14:	Rock op der Héicht
Seite 15:	Rock op der Héicht
Seite 16:	Scheckiwwerreechung MR
Seite 17:	Eischt Kommioun 2011
Seite 18:	Fotoconcours
Seite 19:	Fotoconcours
Seite 20:	Corroboree
Seite 21:	Corroboree
Seite 22:	Mammendag & Gemengesetzung
Seite 23:	Tour de Luxembourg
Seite 24:	Hobby-Säit
Seite 25:	Hobby-Säit
Seite 26:	Nationalfeierdag
Seite 27:	Fändelsweih
Seite 28:	Fotowettbewerb-Leader
Seite 29:	Angelsbiereg-Aarbechten
Seite 30:	Fräsch oder Mouk
Seite 31:	Fräsch oder Mouk
Seite 32:	BIO-Owend
Seite 33:	Eierungen
Seite 34:	Elternvertreter
Seite 35:	BUGA & Grillfest
Seite 36:	Feierfest
Seite 37:	Nat. Jugendconcours
Seite 38:	Häerläichepressessioun
Seite 39:	Häerläichepressessioun
Seite 40:	Schouffest
Seite 41:	Schouffest
Seite 42:	Jugendcamp
Seite 43:	Jugendcamp
Seite 44:	Foto Sege Hoffmann

Redaktiounsschluss Blat 29:
21. November 2011

Léif Biergerinnen a Bierger

Et kënt engem vir, als wieren di läscht Wahlen eréischt gewiecht; an der Réalitéit sinn et elo awer scho bal 6 Joer hier.

An eisem 28 ten Gemengeblat, wëll ech e Reckbléck op datt machen wat an der läschter Legislaturperiod geschafft gouf.

Mir am Schäfferot si mat vill Engagement a vill Freed un d'Erausfuederungen, déi sech eis gestallt hunn, erugangen a konnten zesummen mat de Kollegen aus dem Gemengerot villes fir Iech réaliséieren.

Eis Administratioun hu mer versicht ze moderniséieren a nach méi effizient ze machen.

De Bureau vun der Populatioun gouf ëmgebaut. En Agent gouf hallefdeegs engagéiert.

Eis Homepage as komplett nei opgebaut a mir hunn den Alarmtilt agefouert.

De Préau vun der Schoul hu mir als Maison Relais ëmgebaut, wou déi scolariséiert Kanner ausserhalb de Schoulzäiten vu 7:00 moies bis 19:00 owes betreit kënnen ginn. Am Paschtoueschhaus zu Angelsbiereg fonctionnéiert eng provisoersch Opfangstruktur fir Kanner bis 4 Joer. Am September hëllt di renovéiert al Schoul vu Schous, 38 Kanner bis 4 Joer op.

Mir hunn 2006 d'Éducation précoce bei eis an der Gemeng agefouert an 2008 de schoulfräie Samschdeg.

De Schoulhaff gouf kannergerecht gestallt, e Schoulgaart aménagéiert an de Bau vun enger interkommunaler Schwemm ass praktesch ofgeschloss.

Mir hun de Pacte Logement ënnerschriwwen. De Bebauungsplang as nach net färdeg, mir hunn op dat neit Gesetz vum Aménagement musse waarden, fir net erëm misse vu vir unzufänken a fir Käschten ze spueren.

Am Ëmweltberäich steet de Bierger en Informationszentrum zur Verfügung (Leaderprojet). Mir plangen d'Installatioun vun enger Photovoltaikanlag um Daag vum Veräinsbau, wou eis Bierger sech kënnen akaafen an eis Stroossebeleuchtung gëtt an energiespuerend LED-Technik ëmgebaut.

Am Gemengenhau hu mir aus ëmwelttechneschen Mossnahmen, d'Fensteren ersaat.

Am Bereich Kultur goufen vill Concert'en vun héicher Qualitéit ugebueden. Mir hu Sports-a Gesondheetsweekender organiséiert souwéi um nationalen Velodag am Kanton Miersch partizipéiert.

Mir sinn eng vun de conventionnéierten Gemengen am Mierscher Lieshaus, enger öffentlecher Bibliothék fir eis Region.

Et waren Hobbymärt, Fotosausstellungen, e Rockfestival op der Héicht a vill aner kulturell Manifestatiounen ënnert dem Impuls oder der Ënnerstëtzung vum Schaffen-a-Gemengerot.

Fir déi jéngst Awunner hu mir Spillplazen aménagéiert, eng zu Feschbech um Wäschbour, zwou zu Schous, eng op der Héicht an eng bei der aler Schoul an eng zu Angelsbiereg bei der Kierch.

A Punkto Stroossebau bleift ze soen, dass mir d'Renovéierung vun der Rollengerstrooss finaliséiert hunn, souwéi d'Traversée zu Kéideng an d'Strooss fir op de Bierengerbiereg. Och d'Kiirchstrooss an d'rue Grand-duchesse Charlotte zu Feschbech goufen neigemach.

Virun der Kiirch zu Feschbech ass en Ënnerstand gebaut ginn, de Parking gëtt ugeluegt an et ginn Kolumbarien installéiert.

Zu Angelsbiereg réaliséieren mir eng flott Duerfplaz virun der Kiirch, déi sech wärd zu engem attraktiven Treffpunkt fir eis Populatioun entwëckelen.

Zu Weyer hu mir ronderëm d'Kapell un den Alentouren geschafft an an der Kapell huet de Service vu Sites et Monuments al Kräizer opstelle gelooss.

Mir hun d'Uertschaft Schiltzbiereg un d'Kanalisation ugeschloss.

Et gouf eng Waasserleitung geluecht fir Kéideng, Weyer a Stuppecht mat propperem Dréinkwaasser ze versueren.

Um Waassernetz hu mir vill investéiert, nei Pompelen, d'Renovéierung vun de Bassengen, d'Installatioun vun enger Hydrophoreanlag, nei Compteuren an eng elektronesch Iwwerwachung vum Netz, souwéi all néideg Etuden an d'Virarbechten zum Faassen vun enger neier Quell.

Mir sinn amgangen ee regionalt Netz opzebauen fir d'Distributioun vun Dréinkwaasser fir déi 4 Gemengen ze garantéieren.



Mir hunn zu Schous an zu Angelsbiërg op sensiblen Plaazen, Stroossenverengungen agericht, Foussgängeriwweggäנג agezeechent a Verkéiersluuchten op der Kräizung zu Angelsbiërg installéiert.

Eis neit Verkéiersreglement läit am Ministère fir d'Genehmigung.

Fir är Sécherheet schaffe mir enk mat der Police aus der Fiels a vu Miersch zesummen.

Mir hu mat den Gemengen vum Syndicat pour le Maintien à Domicile en Office social gegrënnt, deen de Besoin'en vun eiser Populatioun nokënnt . Mir sinn dabéi en Agent anzustellen deen déi indispensable Fräiwëlleg am Service de secours an der Fiels waerd ënnerstëtzen .

Regelméisseg Réuniounen mat den konventionnéierten Altersheemer vu Miersch a Jonglenster, mat de Responsablen vun Hëllef Doheem aus dem Centre d'aide et de soins , souwéi dem Foyer de Jour garantéieren eisen alen, respektiv pflegebedürftegen Bierger a Biergerinnen eng gudd Betreuung.

Parallel hu mir eng Konventioun mam Club Senior Uelzechtdall ënnerschriwwen fir eng vaste Offer u sënnavoller Beschäftigung an Divertissementer fir eisen Drëtten Alter kënnen unzebidde.

Als Member-Gemeng vum Leader Mëllerdall schaffe mir mat um Projet Naturpark Mëllerdall. Vill nei Wanderweeër an eiser Gemeng sinn en éischt Resultat.

Fir den Transport vun eise Kanner méi einfach ze machen, hu mir e Minibus ugeschaaft, vun deem eis Schoulkanner an eis Jugendpompjeeën kënnen profitéieren.

Zesummen mat den Nopeschgemengen Fiels, Hiefenech a Noumer hu mir Fusiounsgespräicher gefouert an e Sondage iwwert d' Liewensqualitéit a Fusiounsbereitschaft durchgefouert.

Regelméisseg Informatiounsowender haten d'Ziel, Iech alleguer eist Handelen transparent ze machen an är Meenung ze héieren.

Mir aus dem Schaffen -a Gemengerot sinn houfreg des Arbechten fir Iech alleguer ofgeschloss ze hunn.

Et bleiwt awer och nach vill ze réaliséieren.

Dofir sinn ech frou Iech matzedeelen, dass mir zu 4 aus dem jetztegen Gemengerot wëllen an enger Équipe weidermachen (Claude Trausch ,Carlo Kraus , Marco Karier a Marianne Brosius-Kolber). Mir soen dem Braun's Rosch an dem Sylvie Spiewak-Lorang Merci fir hiren Asaaz . Sie sinn net méi Kandidat am Hierscht.

Eise Grupp ass frou Verstärkung durch déi Dammen, Simone Majerus-Schmit a Bärbel Frey kritt ze hunn. Mir si bereed, wann Dir et esou wëllt an eis Ärt Vertrauen schenkt, eng konstruktiv Politik, am Sënn vun der Gemeng Fëschbech a fir Iech alleguer, ze bedreiwen.

Marianne Brosius-Kolber

Hecke planzen zu Fëschbech

Och dëst Joer hu mir nees mat de Kanner aus der Maison Relais vun Angelsbiërg, déi ënnert der Leedung vun hirer Educatrice, der Madame Sandra Pereira stoungen, Hecken a Beem geplanzt.

Bei der Fëschber Seitert an de „Sauerwisen“ ass de 5. Abrël 2011 heifir eng Planzaktioun mat Heckenzone vum heiheim gestart ginn.

An Zesummenaarbecht mat der Domäneverwaltung, ass eng Heck vun 120 Meter laang, an 10 verschidde Beem geplanzt ginn. Dës Heck besteet aus 550 Planze vun heiheim (Wäissdar, Haartrutt, Hieselter, Schléiwen, Hondsrours, Hondskiischt, asw.). Do dertëscht si verschidde Beem geplanzt ginn: Masselter, Holzapel, Bënzelter (Vullekiischtebam), Hobich a Feldbir.

D'Kanner hate siichtlech hire Spaass bei der ganzer Aktioun. Et feelt elo just nach de Reen, fir datt dës Plantatioun och gutt wuesse kann...!

Text a Fotoen: Molitor Olivier





Am Kader vun der *Semaine du livre et des droits d'auteur* vum 26. - 29. Abrëll 2011 hate mir d'Elteren invitéiert, de Kanner an d'Schoul hiert d'Lieblingskannerbuch virlesen ze kommen. Vill Elteren sinn der Invitatioun nokomm, sou datt mir en ofwiesslungsräichen Nomëtteg fir d'Kanner organiséiere konnten.

Eise Liesnomëtteg hu mir zesummen am Hall ugefaang, wou mir no enger kuerzer Begréissung d'Melodie vun deene verschiddene Sproochen, déi bei eis an der Angsber Schoul vertruede sinn, héieren hunn. Kanner an eng Léierin hunn den Ufank vun deem bekannten Mäerchen „Rotkäppchen“ an hire Mammesproochen Lëtzebueresch, Däitsch, Franséisch, Hollännesch, Portugiesesch, Italienesch, Spuenesch a Japanesch virgelies.

Duerno hu mir eis opgedeelt, woubäi d'Kanner aus de Cyclen 1 an 2 am Gebai vum Cycle 1 Geschichte virgelies kruten, an d'Kanner aus den Cyclen 3 a 4 an déi Liesateliere goe konnten, an déi si sech den Dag virdru schonn ageschriwwen haten. Souwuel grous Klassiker wéi de Petzi, de Winnetou, den Till Eulenspiegel oder och nach den Trotzkopf, wéi och zimlech aktuell Kannerliteratur – Sommersprossen auf den Knien oder Salto am Aquarium – stoungen um Menu vun dësem Liesnomëtteg.

Et war immens flott, d'Kanner hu mat Begeeschterung hire Lecteuren nogelauschert a hunn sech och munchmol gewonnert, wéi triste d'Lies- a virun allem d'Schoulbicher vu fréier ausgesinn hunn, well där hate mir och e puer an der Schoul ausgestallt.

Mir soen op dëser Plaz den Elteren nach ee grouse Merci fir hir Präsenz, well ouni si hätt dëse Nomëtteg keen esou een Erfolleg kannt.

Text: Mireille Garson a Fotoen: Léierpersonal

Liesnomëtteg an der Angsber Schoul 27. Abrëll 2011





É I S C H T



M E E F E I E R



D'Redaktiounsteam vum Fäschber Blat war elo schonns fir drëtt zu Fäschbech ee Meekranz machen.

Um 10 Auer hu mir eis an der Seitert beim Chalet getraff an du ass emol fir d'éischt eng Stierkung a Form vu Mëtschen a Kaffi zou sech geholl ginn.

Du ass et lass gaang, mat Ficelle, Messer a Sécateur ausgestatt, si mir deem jonke Gréngs un de Pelz gaang an no enger gudder Stonn hate mir eist Meeschterwierk fäerdeg, e Meekranz mat engem Duerchmesser vun annerhalwem Meter.



Mir hunn en dëst Joer an d'Mëtt vum Chalet opgehaang, well beim Gemengenhaus e Chantier war, mä d'nächst Joer kritt d'Gemengenhaus erëm säi Meekranz, versprach!

Mëttes sinn et waarm Wirschtercher, Zaloten, Limo a Béier ginn, d'Anne an d'Dany haten alles préparéiert an de Gerry war zoustänneg fir d'waarm Wirschtercher.



Et war e flotten Ausflug an d'Natur, d'Wieder huet matgespillt an esou freeë mir eis elo schonns erëm op dat nächst Joer, wann et heescht, et ass éischte Mee.

Text: Ren Spautz a Fotoen: Gina Hermes



Sportsw

vum 6. Mee bis

D'offiziell Ouverture war freides owes, de 6. Mee am Veräinshaus op der Héicht zu Schous an d'Präsenz vum Chamberpräsident, dem Laurent Mosar, deen nodeem eis Buergermeeschtesch, d'Marianne Brosius-Kolber d'Gäschte begréisst huet, d'Wuert egraff huet an hir félicitéiert huet fir déi zweet Manifestatioun, nom Gesondheetsweekend vum leschte Joer. De Sportsweekend wier d'Suite vum Gesondheetsweekend, well Sport fuerdert d'Gesondheet, sou den Här Mosar a senger Ried.



No der Ried vum Chamberspräsident war et den Dokter Dominik Dörr, deen an engem intressanten Exposé op d'Sportsmedizin agaangen ass an d'Fro opgeworf huet: Wat ass eigentlech d'Sportsmedizin?

No dem Dr. Dörr senger Ausféierung huet d'Buergermeeschtesch deenen zwee Riedner merci gesot an hinnen ee kleng Kado aus der Angsber Brennerei iwwereecht. Dunn huet si op den Eierewäin nieft kleng Gesondheetshäppercher invitéiert an d'Fachsimplerei iwwert de Sport ass bis an d'Nuecht era gaang.

Laurent Mosar



Dominik Dörr





veeekenda

den 8. Mee 2011

Samschdes, de 7. Mee, um 10 Auer, ass de Sportsweekend mat der Ouverture vun den Atelieren an Informatiounsstänn ugaang. Hei konnt ee sech, wat de Sport ugeet, vu kompetente Leit informéiere loossen an sou muncher Stand huet de Leit d'Méiglechkeet gebueden, hir Fitness ze préifen.

Um 11 Auer war et d'Aweihung vun zwee „Auto-pédestre“-Wanderweeër, déi zu Fëschbech fortginn, dëst ënnert der Bedeelegung vum Françoise Hetto-Gaasch, Minister vum Tourismus.

Bei herrlechem Wieder huet si mat der See déi zwou Strecken iwwer jeweils 9 Kilometer fräi ginn an et war d'Jutta Kanstein, Nordic Walking Expertin, déi zesumme mat der Ministesch an eiser Buergermeeschtesch, ee Stéck vun der Streck mat de Bengelen an Ugrëff geholl huet.



Vun 2 Auer u ware Kuerzkonferenzen zum Thema Sport. De Pascal Breitenberger huet iwwert d'ugebuere Fitness référéiert,



Jutta Kanstein

D'Jutta Kanstein huet d'Fitness-Virdeeler mat den zwee Bengelen erkläert.

Duerno war et um Jean Zeches, dee gesot huet, datt d'Kraaft, d'Basis vun eiser Gesondheet as.

Den Hubert Etschette vum Sportsministère huet d'Fro gestallt ob Sport a Gesondheet, Mythos oder Selbsverständlechkeet ass.

De leschte Spriecher war de Willy Prüm, dee gemengt huet, datt a Bewegung bleiwen, wichteg ass.



Pascal Breitenberger

Sportsweekend

vum 6. Mee bis den 8. Mee 2011

Sonndes moies ass et schon um 8 Auer ugaang. De VC Filano, nieft der Gemeng Fëschbech, Matorganisator vun dësem Sportsweekend a verantwortlech fir de Catering déi dräi Deeg, huet moies fréi 3 Velostir ugebueden.

Dëst waren 30, 70 an 110 Kilometer, déi ee konnt tëschent 8 an 10 Auer an Ugrëff huelen an et waren der iwwer 100, déi dobäi waren.

De Pascal Duhautpas, senges Zeechens Triathlet, hat e Lafparcours organiséiert an d'Senioren Uelzechtdall hunn ënnert der Verantwortung vum Denise Kipps en Autopédestre, de Wanderwee Grande-Duchesse Charlotte, ënnert d'Suele geholl.

Déi zwee Deeg, samsdes a sonndes ass et mëttes, Zopp, gekacht vun eiser Buergermeeschtesch, Zaloten, Pasta,

Bréidercher an eng Auswiel vun Uebst, Gebäck a waarm a kaalt Gedrénks ginn.


Um 3 Auer war et dunn dee grouse Modedéfilé, mam Députéierten, Bim Diederich, de Buergermeeschteren, Anni Quintus-Thillen, Marianne Brosius -Kolber, Marcel Erpelding, Aloyse Bauer an zu gudder Lescht eise Scheffen, de Rosch Braun.

Si hunn ënnert der Leedung vum beschtbekannten Outdoor-Kleederspezialist, Freelander eng super Performance dohigeluecht, net och zu Lescht duerch witzeg Texter vum Angela Zuidberg an dem Francine Frisch.


Alles an allem waren dëst dräi flott Deeg an eiser Gemeng zum Thema „Sport“.

Text: Ren Spautz a Fotoen: Paul Provost a Marc Kolber





Circuit Auto-pédestre Grand-Duc Jean
Circuit Auto-pédestre Grande-Duchesse Charlotte





Compte-rendu de la réunion du conseil communal du 15 mai 2011

Présent: M/Mme Brosius-Kolber, Braun, Karier, Kraus, Spautz, Spiewak, Trausch.

- 1) Est approuvé le compte-rendu de la séance du 15 mars 2011.
- 2) Est approuvé l'état des restants à recouvrir de l'exercice 2010 au montant total de 29.816,70 EUR.
- 3) Est approuvé le Plan de Réussite Scolaire (PRS) de l'école fondamentale «Angsber Schoul» pour la période de 2010 à 2014.
- 4) Est approuvé le Règlement d'Occupation des Postes (ROP) de l'école fondamentale «Angsber Schoul».
- 5) Est approuvé l'acte notarié no 80597 du 5 mai 2011 entre l'AC Fischbach et la société SOTRANSCOM S.à.r.l. ainsi que la société UB PARTNERS S.à.r.l, présenté par le notaire Maître Jean SECKLER relatif à la cession des emprises du PAP « Laang Roepper » à Schoos, plus précisément une place voirie inscrite au cadastre de la commune de Fischbach, section D de Schoos, sous le numéro 1/786 faisant 04 ares 18 centiares et un bassin inscrit au cadastre de la commune de Fischbach, section D de Schoos, sous le numéro 1/789 faisant 03 ares 55 centiares.
- 6) Sont approuvés les crédits budgétaires ordinaires supplémentaires suivants :
 - Crédit supplémentaire au montant de 2.000,00 EUR à imputer à l'article budgétaire ordinaire 3/0125/6192 – Assurances diverses.
 - Crédit supplémentaire au montant de 40.000,00 EUR à imputer à l'article budgétaire ordinaire 3/0190/6111 – Travaux d'entretien, de nettoyage et de réparation des bâtiments.
 - Crédit supplémentaire au montant de 12.000,00 EUR à imputer à l'article budgétaire ordinaire 3/0190/6951 – Acquisition de machines de bureau et d'équipement divers.
 - Crédit supplémentaire au montant de 10.000,00 EUR à imputer à l'article budgétaire ordinaire 3/1212/6156 – Voirie vicinale – Travaux d'entretien des infrastructures.
- 7) Sont approuvés les taux des impôts communaux pour 2012, à savoir :
 1. Impôt foncier A : propriétés agricoles et forestières : 320 %
 - B1 : Constructions industrielles et commerciales : 450 %
 - B2 : Constructions à usages mixte : 450 %
 - B3 : Constructions à autres usages : 450 %
 - B4 : Maisons unifamiliales, maisons de rapport : 165 %
 - B5 : Immeubles non bâtis autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitation : 500 %
 - B6 : Terrains à bâtir à des fins d'habitations : 600 %.
 2. Est décidé de fixer le taux de l'impôt commercial pour l'année 2012 à 300%.
- 8) Est fixée à partir du 1^{er} juillet 2011 la redevance sur l'eau destinée à la consommation humaine fournie par notre réseau de distribution publique comme suit:
 - a) la redevance eau destinée à la consommation humaine est fixée de la manière suivante:

Schéma de tarification – eau destinée à la consommation humaine (HTVA)		
	Composante fixe 20%	Composante variable 80%
Secteur des ménages	6,80 €/mm/an	2,80 €/mm/an
	Composante fixe 70%	Composante variable 30%
Secteur industriel	24,00 €/mm/an	1,05 €/mm/an
	Composante fixe 60%	Composante variable 40%
Secteur agricole	21,00 €/mm/an	1,40 €/mm/an



- Tous ces prix s'entendent TVA non comprise;
- La taxe de prélèvement est comprise;
- Exceptions suivant article 12 (alinéa 4) de la loi relative à l'eau:
Pour les immeubles faisant partie du secteur agricole, munis d'un seul compteur et contenant des unités affectées à l'habitation, un forfait de 200 m³ de l'eau destinée à la consommation humaine par unité est facturé suivant le secteur des ménages.

b) le raccordement au réseau de distribution publique:

La taxe unique et forfaitaire pour le nouveau raccordement au réseau de distribution publique ainsi que toute modification demandées par l'abonné est fixée à:

- pour un raccordement jusqu'au diamètre de 1": 375 €
- pour un raccordement dépassant 1": 600 €

- Tous ces prix s'entendent TVA non comprise.

9) Est fixée à partir du 1^{er} juillet 2011 la redevance assainissement assise sur l'eau destinée à la consommation humaine ayant fait l'objet d'une utilisation et déversée dans le réseau de collecte des eaux usées comme suit:

Schéma de tarification – redevance assainissement		
	Composante fixe 20%	Composante variable 80 %
Secteur des ménages	98,00 €/EH/an	2,40 €/m ³
	Composante fixe 70%	Composante variable 30 %
Secteur industriel	340,00 €/EH/an	0,90 €/m ³
	Composante fixe 60%	Composante variable 40 %
Secteur agricole	290,00 €/EH/an	1,20 €/m ³

- La taxe de rejet est comprise
 - La redevance est assise sur l'eau destinée à la consommation humaine, par m³ facturé, et déversée dans le réseau de collecte des eaux usées
 - La partie fixe est proportionnelle au nombre d'équivalents habitants moyens
 - Une charge moyenne annuelle de 2,5 EHM est affectée à chaque unité d'habitation
 - Pour toute unité affectée ou à toute autre destination, le tableau pour la détermination du nombre d'équivalents habitants moyens est applicable.
- 10) Est émis un avis défavorable relatif au projet de la cartographie des zones inondables et des risques d'inondation tel qu'il est présenté.
- 11) Est approuvé le projet d'études présenté par la société ELCO relatif à la réalisation d'un concept énergétique pour l'éclairage public de la voirie communale.
- 12) Est décidé de ne pas prendre à charge les frais hypothécaires dans le cadre des actes d'emprises à Angelsberg.
- 13) Est allouée une cotisation annuelle de 275,00 EUR à la Fédération des corps de sapeurs-pompiers du canton de Mersch.
- 14) Est décidé de soutenir l'action « Buergermeeschteren géint Atomkraft ».
- 15) Est décidé de soutenir l'action « Communes et écoles sans pesticides » :
- en s'engageant à ne pas utiliser des pesticides sur l'ensemble des terrains lui appartenant et notamment sur les terrains où jouent des enfants ou ceux qui se trouvent à proximité des endroits où il y a des enfants : autour des écoles, crèches et autres structures d'accueil, les aires de jeux ;
 - en faisant des efforts pour sensibiliser les structures d'accueil pour enfants et les crèches privées, les jardiniers et les agriculteurs sur les effets négatifs et les dangers liés à l'utilisation de pesticides ;
 - en augmentant la biodiversité sur les terrains autour des écoles et structures d'accueil en diminuant les pelouses en faveur de parcelles avec des fleurs indigènes, sources de nectar et de pollen pour les abeilles et autres insectes pollinisateurs. Une telle mesure augmenterait aussi la valeur éducative et pédagogique des terrains autour des écoles et structures d'accueil.



One Last Breath
No Account for Taste



Rock op d



Inhuman Rampage
Faradays Cage



ler Héicht



Birdbones
The VV's



Rock op d

Marianne & Ren



Germain

Erik



Ben



Fotoen:
Serge Hoffmann
Georges Brosius


Serge



Club des Jeunes



Foochdy



Jim



Deborah



Dan



ler Héicht

Am Kader vun der Sensibiliséierungscampagne géint d'Aarmut, hunn d'Kanner aus der Crèche an dem Schoulgrupp an der Maison Relais zu Angelsbierg vill Konschtartikele gebastelt, déi um Chrëschtmaart de 16. Dezember 2010 presentéiert a verkaaft goufen. D'ganz Team vun der Maison Relais, d'Elterevereenegung an och d'Schoulpersonal hunn zesummen un dësem Erfolleg geschafft.

De 17. Mee 2011 gouf an der Maison Relais zu Angelsbierg den Erfolleg vum Chrëschtmaart un 2 ONG'en weiderginn.

700 Euro sinn eemol un d'Action Monde Uni an eemol un den Objectif Tiers Monde feierlech iwerrecht ginn. Vun all ONG huet ee Verrieder dat zesummen erschafftend Geld entgéintgeho.

Vun der „Action Monde Uni“ war dëst de Claude Metz a vun „Objectif Tiers Monde“ war et d'Peggy Buchholtz.

Scheckiwwerreechung

an der Maison Relais



Text: Mélanie Schumann
Fotografie: Andrea Wagner



Éischt Kommunion 2011



hinten von links nach rechts:
Ben Hanfland, Tatiana Dos Santos Sampaio, Mike Schwall

vorne von links nach rechts:
Vanessa Semblano, Alexandre Batista, Alexandra Van Oost

Foto: Andrea Wagner

800 Euro an die "Fondatioun Kriibskrank Kanner" gespendet

Am 07.04.2011 fand in Angelsberg eine Kunstausstellung der Kinder des Cycle 1 der Angsber Schoul statt. Während des gesamten Schuljahres haben die Kinder an Projekten zu diversen Künstlern gearbeitet: die Resultate dieser Arbeiten wurden in der Schule ausgestellt und sowohl Eltern und Familien als auch Leute von außerhalb hatten dann im Rahmen der Ausstellung Gelegenheit, diese Werke zu erstehen.

Während der Erlös in den Jahren zuvor dazu genutzt wurde, das Kunstprojekt des nächsten Jahres zu finanzieren, waren in diesem Jahr die Kassen noch genügend gefüllt, so dass die Lehrkräfte entschieden, den gesamten Erlös zu spenden. Die Wahl fiel auf die „Fondatioun Kriibskrank Kanner“ und so freuten sich Kinder und Lehrkräfte des Cycle 1, am Freitag, den 10. Juni 2011 einen Scheck im Wert von 800 Euro überreichen zu dürfen.

Text: Sarah Bamberg & Foto: Edmond Haas





Liewen a Liewen

**D'Kulturkommissiounen
Fäschbech, Fiels, Hiefenech**

Vernissage an der Fiels um Schlass

den 21. Mee 2011

D'Kulturkommissiounen aus de Gemenge Fäschbech, Fiels, Hiefenech a Noumer hate vum Mee 2010 bis Februar 2011 e Fotosconcours organiséiert fir Matbierger aus deene genannte 4 Gemengen.

Et sinn 3 Alterskategorie ginn, Kanner ënner 12 Joer, Jugendlecher tëschent 12 an 18 Joer an Erwuessener. Jiddfreee konnt eng Foto zum Thema Landschaft a kulturellt Liewen ofginn.

Matgemaach hu 24 Leit aus der Gemeng Noumer, 13 aus der Gemeng Fäschbech, 10 aus der Gemeng Hiefenech an een aus der Gemeng Fiels.

Den 21. Mee war op der Buerg an der Fiels de Vernissage vun dëser Ausstellung. An engem herrleche Kader sinn d'Fotoen all präsentéiert ginn an d'Gewënner an deene verschiddene Kategorien hunn hire Präis iwwerrecht kritt. Fir eis Gemeng huet d'Lis Weber an der Kategorie 3, Kultur, en éischte Präis kritt an de Bob Braun och an der Kategorie 3, en 3 Präis.

Mat engem Eierewäin ass dëse Vernissage ausgeklongen.

Text a Fotoen: Ren Spautz

D'Gewënnerfoto vum Lis Weber vum Angelsberg





Zeiger Gemeng

vun de Gemengen
sch an Noumer



CORRO

ein australisches N

Am 27.05.2011 gegen 18 Uhr war es endlich so weit: Unser Corroboree begann! Alle Kinder der „Angsber Schoul“ standen freudig angespannt vor der Mehrzweckhalle „Op der Héicht“ und warteten ungeduldig auf ihren Einsatz. Bei den ersten Klängen von „Australia“ von Magic Voices betraten zuerst die Kleinsten die Halle, gefolgt von den restlichen Klassen. Der bunte Zug bahnte sich seinen Weg durch die wartende Menge nach vorne Richtung Bühne.

Nach der mehrsprachigen Begrüßung durch Julien Brust, Céline Cordobes und Luigina Zens, die auch durch das weitere Programm führten, begann der Zyklus 1.0 mit dem Begrüßungslied „Abeo“, in welchem die Aborigines die Tiere rufen. Nach dem traditionellen, australischen Lied „Kookaburra“ vom ersten und zweiten Zyklus, folgte ein rhythmischer Tanz des ersten Zyklus zu den Klängen des Liedes „Didgeridoo“. Spätestens jetzt hatten die Kinder auch die letzte Zuschauerreihe in ihren Bann gezogen.

Bevor der nächste Auftritt folgte, bedankten sich die Kinder noch herzlich bei Herrn Conrardy und Herrn Gillen für ihre Mühe, ihnen den Kontinent Australien in seiner Vielfalt nähergebracht zu haben. Herr Gillen stellte den Zuschauern anschließend das Didgeridoo vor und brachte viele von uns mit seinem Spiel zum Staunen.

Dann erzählte der Zyklus 3.1 eine Traumgeschichte in französischer Sprache von der Entdeckung des Didgeridoos. Zum Abschluss boten sie zusammen mit den Kindern des Zyklus 3.2 eine mitreißende Tanzeinlage, die die Zuschauer zum Mitklatschen animierte.

Nun präsentierte der zweite Zyklus den Fischtanz, einen traditionellen Tanz der Aborigines, bei dem diese um Regen bitten.

Danach forderte der Zyklus 3.2 alle Zuschauer zum Mitmachen und vor allem Mitdenken auf. Die Kinder hatten ein interaktives Quiz vorbereitet, welches sich um und über Australien drehte. Die Fragen wurden abwechselnd auf luxemburgisch und französisch gestellt, so dass jeder Zuschauer Gelegenheit hatte, sein Wissen auf die Probe zu stellen.

Der vierte Zyklus zeigte eine Abfolge von Szenen, die die australische Geschichte aus Sicht der Aborigines geprägt haben. Die Kinder hatten uns eindrucksvoll gezeigt, wie sich das Bild Australiens im Laufe der Jahrhunderte gewandelt hat und dass ein friedliches Zusammenleben der verschiedenen Völker durchaus möglich ist. Beim abschließenden Lied, „Australia's coming home“, gesungen von Luigina Zens, bekam wohl der ein oder andere Zuschauer eine Gänsehaut.

Zum großen Abschluss kamen alle Kinder zusammen auf die Bühne und boten so ein farbenfrohes Bild. Sie trugen die beiden Lieder „Tie me kangaroo down sport“ und „Waltzing Matilda“ vor und selbst die Kleinsten gaben ihr Bestes bei diesen englischsprachigen Liedern.

Doch das Fest war nun noch nicht zu Ende, denn nach diesem kulturellen Angebot, folgte nun der kulinarische Aspekt des australischen Kontinents. Das australische Essen, bestehend aus Straußenragout, Straußinger oder Maiskolben mit Kartoffeln und Gemüse, wurde hervorragend von Frau Degraux und ihren vielen Helfern vorbereitet. Die Gäste konnten die tolle Atmosphäre noch länger genießen und den gemütlichen Abend mit netten Gesprächen und einem leckeren Stück Kuchen ausklingen lassen.

Übrigens wird der Gewinn des Festes in zwei Hälften geteilt: eine steht für die Ausflüge der Kinder zur Verfügung, während die andere Hälfte der Organisation „Save the children“ zu Gute kommt. Diese Organisation unterstützt benachteiligte Kinder und deren Eltern in Australien.

Auf jeden Fall freuen wir uns schon auf die nächste Auflage der Kontinentfeste 2013!

Text: Samantha Gorza & Fotos: Marc Kolber

BOREE

Musik- und Tanzfest



Mammendagsfeier

Senioreveräin a Gaart an Heem Gemeng Fäschbech

De 5. Juli haten déi zwee Veräiner hir traditionnel Mammendagsfeier am Veräinshaus "op der Héicht" zu Schous ofgehalen. Bei flotter Danzmusek, Kaffi a Kuch hu mir e flotten Nomëtteg verbruecht. All Mamm, déi derbäi war, huet e schéine Kado iwwerrecht kritt. Duerfir sidd dir erëm alleguer fir d'nächst Joer invitéiert.



Text: Marie-Louise Haas-Erpelding & Fotos: Marie-Anne Kauffmann

Compte-rendu de la réunion du conseil communal du 10 juin 2011

Présent: M/Mme Brosius-Kolber, Braun, Kraus, Spautz, Spiewak, Trausch.

Absent: Karier

Le conseil décide à l'unanimité de prendre à l'ordre du jour le point 6.

- 1) Est approuvé le compte-rendu de la séance du 12 mai 2011.
- 2) Est approuvée provisoirement l'organisation scolaire pour l'année 2011/2012.
- 3) Est proposé de réaffecter Monsieur Christophe Mersch d'Ettelbrück au poste vacant 1p cycle 2-4 pour l'enseignement fondamental 2011/2012.
- 4) Est décidé de déclasser diverses parcelles à Angelsberg (Am géie Wee/rue de l'Eglise) du domaine communal public en domaine communal privé, afin de pouvoir rectifier par acte notarié la situation existante de l'alignement de la ruelle.
- 5) Est fixée une redevance annuelle pour frais de scolarité pour enfant non-résident au montant de 400 EUR à partir de l'année scolaire 2011/2012. A titre de précision, cette redevance est à charge de la commune du domicile de l'enfant concerné.
- 6) Est fixée une taxe au montant de 30 EUR pour toute demande d'autorisation à bâtir de petite envergure, ne nécessitant pas le recours à un architecte ou à un ingénieur-conseil et une taxe de 250 EUR pour toute demande d'autorisation à bâtir de petite envergure, nécessitant un recours à un architecte ou un ingénieur-conseil, mais ne portant pas création de nouvelle unité d'habitation ou d'activité.



T
O
U
R



D
E



Fotoen lénks uewen: Marc Kolber
Fotoen lénks ënnen: Rol Miny

Fotoen riets: Gina Hermes



L
U
X
E



M
B



O
U
R



G



Hobby-Säit

Lydie & André Kops
aus Angelsbiérg



Blummen, Planzen a vill Léift zum Détail. Wann ee beim Haus Nummer 9 am Déiregaart zur Viischterdir erakénnt, dann ass et onschwéier ze erkennen, wat fir een Hobby den André an d'Lydie Kops hunn. Blummen a Planzen stinn souwoul am Haus, wéi och ronderëm.

Schonn als Kanner hunn déi 2 ganz gär bei den Elteren oder de Grousselteren am Gaart gehollef.





Den Här Kops erënnert sech: „An der Zäit vum Krich war et eng Noutwendegkeet, fir e Geméisgaart ze ënnerhalen.

Ob dat elo Gromperen oder Zalote waren, oder Friichten an Uebst, alles ass gebraucht ginn. Net ze vergiessen, déi fei Kraider, déi all Iessen déi richteg aromatesch Nout ginn, sinn och zu Beetebuerg am Familljegaart gepflegt ginn.

Alles dat huet dozou bäigedroen, dass dem Här Kops säi spéidere Beruff Kach sollt ginn.

D'Madame Kops: „Am Hotel zu Esch a spéider och zu Miersch, hu mir vill Geméis aus dem eegene Gaart an eiser Kiche verschafft. Esouguer d'Blummen, déi als Dekoratioun op den Dëscher stoungen, koumen aus eegener Produktioun.“

Awer eréischt mat der wuelverdëngter Pensioun, hunn déi zwee déi néideg Zäit, fir sech ganz hirem Hobby ze widmen. An esou sinn an hirem Haus villerlee Planzen mat schéine Blummen ze fannen. Vill kommen der aus der Gäertnerei, awer en etlech kommen och aus dem Frankräich, wou d'Famill Kops gäre Vakanz mécht.

Den Här Kops: „A jo, ech ginn och alt emol bei d'Leit schellen, wann si interessant Blummen am Virgaart stoen hunn. Eng Gamme vun enger Planz, an da geet de Spaass an den Eiergäiz un, fir aus deem Schotz eng wonnerschéi Blumm ze zillen. Schonn ass ee mat de Leit am Gespréich, well Blummefrënn gött et iwwerall.“

An deem Sënn, wënsche mir hinnen nach vill Freed mat hirem schéinen Hobby.



Nationalfeierdag &

No eiser Generalversammlung de 5. Februar an eiser Séance Festive de 25. März sinn eis Festivitéiten den 22. Juni um Virowend vun Nationalfeierdag weidergaangen.

Um 18.00 Auer ass eng Delegatioun vum Comité op Meesebuerg op d'Graf vum Michel Baustert Blummen néierleeë gaangen. Um 19.20 Auer huet sech zu Feschbech de feierleche Cortège aus der Niklogas erop bei d'Kierch beweegt, virop déi 3 Fändele vun de Pompjeeën. Et wor hire leschten offiziellen Asaz. Hannert dem Corps ass de neie Fändel agewéckelt vun eise Jugendpompjeeë gedroeginn.

Den Te Deum gouf gehale vum Paschtouer Habarurema mat der Ënnerstëtzung vum Organisatiounscomité vun de Pompjeeën. Fir déi musikalesch Begleedung woren de Quintett de cuivres „Taratata“ an e Solist op der Trompette aus dem Conservatoire de Musique de la Ville de Luxembourg, esou wéi d'Choralen vun Angelsbiérg a vu Feschbech zoustänneg. Nom Te Deum ass dunn de neie Fändel geseent a gewise ginn. Um Kierfecht virun der Kierch sinn duerno nach Blummen op d'Griewer vun de verstuerwene Pompjeeën Paul Heinen a Jos Miny, esou wéi dem Präsident vum Organisatiounscomité, dem Mill Majerus, néiergeluecht ginn. D'Sonnerie aux Morts ass op der Trompett gespillt ginn.

Vun der Feschber Kierch ass et dunn op Schous an d'Veräinshaus gaangen, wou d'Madame Buergermeeschter Marianne Brosius-Kolber eng Usprooch gehalen huet. D'Medaillë fir 15 Joer Pompjeesdéngscht sinn un de Laurent Degraux, Claude Trausch a Vic Vrehan iwverreecht ginn, esou wéi fir 25 Joer un de Robert Domken a fir 30 Joer un de Paul Vrehan.

D'Giedelen an d'Pätteren vum Fändel esou wéi de jonke Kënschtler vum Fändel, de Jeannot Decker aus dem Arts et Métiers hunn e Souvenir un dës Feier kritt.

Dat Ganzt ass mat Lëtzebuerger Pompjeeslidd, virgedroeg vun de Chorale, verschéinert ginn. Duerno wor den traditionellen Eierewäin mat Open-end.

Och ass de Chris Rodesch wéinst senger gudde sportleche Resultater am Tennis vun der Gemeng geéiert ginn.

Text: Luss Brosius & Fotoen: Paul Provost



© SIP/Luc Deflorenne/Tous droits réservés.



& Fändelsweih





Fotowettbewerb *concours photo*

STEINREICH 2011

Wer kann mitmachen

Qui peut participer?

Alle, die Lust am Fotografieren haben.
Kinder, Jugendliche und Erwachsene.

*Tous ceux qui aiment pratiquer la
photographie. Enfants, jeunes et adultes.*

Organisiert wird der Wettbewerb durch die LEADER-Aktionsgruppen
Brenzregion (D) und Müllerthal (L).

*Le concours est organisé par les groupes d'actions LEADER Brenzregion
(Allemagne) et Mullerthal (Luxembourg).*

Was wird fotografiert?

Que peut-on photographier?



Geologische Besonderheiten: bekannte Ausflugsziele mit
einem geologischen Hintergrund, z.B. Steinbruch in Beau-
fort, Felsen wie der Perekop, Predigtstuhl etc.


*Une géologie caractéristique: des destinations touristiques
connues avec un arrière-plan géologique p.ex. la carrière à
Beaufort, des roches comme le «Perekop», «Predigtstuhl», etc.*



Menschen in der Natur:
Zum Beispiel Wandern,
Klettern, Radfahren.
*L'homme dans un milieu
naturel durant la randon-
née, l'escalade ou la pra-
tique du vélo.*



Geologie in der Landschaft: Wie sieht
unsere Landschaft aus? Was fällt auf?
*Géologie du paysage: Quel aspect a notre
paysage? Qu'est-ce qui est frappant?*



Alles was zum Thema passt!
Zum Beispiel Felsengesichter.
*Tout ce qui concerne le sujet,
p.ex. des visages dans les
roches.*

Geologie und Architektur: Mit welchen Mate-
rialien sind Häuser und Mauern hier gebaut?
*Géologie et architecture: Avec quels matériaux
les maisons et les murs ont-ils été construits?*



Einsendeschluss

Date limite des envois

30.09.2011

LEADER-Büro Echternach
30, route de Wasserbillig
L-6490 Echternach
Email: leader@echternach.lu

Auf die Gewinner warten tolle Preise!

Des super cadeaux attendent les gagnants!

Die besten Bilder werden ausgestellt und im Internet veröffentlicht.

Les meilleures photos seront exposées et publiées sur internet.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Europäischer Landwirtschaftsfond für die Entwicklung des ländlichen Raumes:
Hier investiert Europa in die ländlichen Gebiete.

Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.



Déi nei Bierengerstrooss zu Angelsbiërg

E laang gewënschte Projet ass an Erfëllung gaang! D'lescht Joer am Fréijoer ass de Schantjen ugaang an elo ass e fäerdeg. Net nëmmen datt d'Leitungen nei verluecht goufen, och d'Waasserréier an d'Kanalisatioun sinn erneiert ginn resp. iwwehhaapt emol geluecht ginn. An dann zu gudder Lescht koum och en neie Belag drop, sou datt di al „rue de Beringerberg“ bal net méi erëm ze erkennen ass.

Text a Fotoen: Frank Weyrich



virdrun

duerno



virdrun



duerno

D'Haaptkräizung zu Angelsbiërg

D'Elterevereenegung, d'Verkéiserskommissioun, d'Léierpersonal a Schefferot, all hunn se säit Joren drop gehalen, datt op der Kräizung zu Angelsbiërg sollt eng rout Luucht opgestallt ginn, datt d'Schoulkanner méi sécher iwwert d'Haaptstrooss kéinte goen fir an d'Schoul oder fir nees heem.

Elo ass se do, mee, se hëlleft nëmmen eppes, wa se richteg gebraucht gëtt. Also, op de giele Knapp drécken, e puer Momenter waarden (net erféieren, wa se da fir d'éischt emol fir d'Foussgänger rout gëtt) a wa se da bis gréng ass, no lénks kucken, no riets kucken a wann d'Strooss da fräi ass, op di aner Säit goen! Sou einfach ass et! Fir di Grouss a fir di nach net ganz esou Grouss!

Text a Fotoen: Frank Weyrich



v
i
r
d
r
u
n



d
u
e
r
n
o



virdrun



duerno

Fräsch od vum Olivie

Fräsch oder Mouk?

Doheem hannert dem Haus am Weier oder soss an engem Waasser gesäit een alt sou muenecht Wiese mat véier Been wat sech do wuel fillt. Wann een ze no bäi geet, sprangen déi Kärelen awer dack fort oder dauchen ënner, sou datt et net ëmmer einfach ass, feststellen wat dat dann elo wor - Fräsch oder Mouk? Déi heefegst vun hinne wëll ech Iech hei elo kuerz beschreiwen.

„Mouk“ (d. Erdkröte)

Virkommen:

D'Mouk ass haaptsächlech an de Stonnen tëscht Dag an Nuecht aktiv. Si stellt keng besonnesch Uspréch un d'Fiichtegkeet vum Milieu, ma d'Fortplanzung an d'Entwécklung vun de Larve geschitt an déiwem Waasser dat steet.

Nahrung:

Allerlee kleng Déieren, déi sech bewegen, ginn onversinns mat der Klappzong gefaangen: Jejomëssen, Kiewerlécken, Spannen, Beien, Harespelen asw. Méi grouss Déieren, wéi Reewiirm, gi mam Gebéck ergraff, an duerno mat de Féiss an de Mond gestoppt.



Liewensweis:

Am Fréijoer verlosse si hiert ënnerierdescht oder iwverdecktent Wanterquartéier a wanderen zu deenen Dämpelen, wou si gebuer goufen. No deeglaanger Ëmklamerung ginn 2000 bis 7000 Eeër an ongeféier 2 Meter laange **Läichschnéier** ofgesat. Dës ginn tëscht de Waasserplanzen ausgespaant a gläichzäiteg befrucht. Duerno zéie si nees op d'Land, dacks wäit ewech vun der Läichplaz. Eng Woch no

der Befruchtung ginn d'Larven aus, a verwandele sech an 10 mm grouss Mouken. Duerno wuesse si u Land erop, iwverwanteren e puer mol, a wanderen no e puer Joer nees zu hirem Dämpel fir selwer do ze läichen.

Kierpermoossen:

Männchen bis zu 7 cm, Weibchen bis zu 8 cm

Mierkmoler:

Vill méi schwéier gebaut wéi de Grasfräsch. D'Haut ass rau, dréchen a waarzeg. D'An si goldbrong mat waagerechter Pupill. Kuerz awer kräfteg Been.

Entwécklung:

Wanterrou: vum September/Oktobre bis März/Abrëll

Paarung an Eeflag: Abrëll

Larven: Enn Abrëll bis Juni/Juli

Ëmwandelung: Enn Juni, Ufank Juli

Liewensdauer: 7 bis 10 Joer

Geschlechtsräif: mat 4 Joer

„Grasfräsch“ (d. Grasfrosch)

Virkommen:

Wäit verbreet an deene verschiddenste Liewensraim wou et fiicht genuch ass. Ausserhalb vun der Puerungszäit virun allem um Land, meeschtens tëscht Dag an Nuecht aktiv.

Nahrung:

All Déier, wat sech um Buedem beweegt, an net ze grouss ass, schnaapt e sech mat der pecheger Klappzong. Méi grousser ginn direkt mam Gebéck ergraff.





er Mouk?

er Molitor

Liewensweis:

Hien hält e kuerze Wanterschlof a plantz sech am zäitege Fréijoer am Waasser fort. D'Eeër bilde Läichballen, a kommen no zwee Deeg un d'Waasseruewerfläch erop. No ongeféier 1 Mount ginn d'Larven aus.

Kierpermoossen:

Bis zu 9 cm

Mierkmoler:

Ganz ënnerschiddlech gefierft, haaptsächlech brong, ma och d'Faarwe Giel, Rout a Gréng komme vir. Flecke feelen nëmme seelen. Hien huet e stompe Kapp mat engem Schlofendräieck.

Nahrung:

Alles wat sech iwwert an em d'Waasser beweegt, gëtt gaangs mat der pecheger Klappzong ergraff.

Liewensweis:

Iwwerwantert agegruewen um Land, ma och am schlammige Grond vu Grief. Am Mee sichen d'Weibercher d'Männercher op, déi no hinne ruffen, a ginn da vun hinnen hannert deene viischte Patten emklamert. Déi 2000 bis 6000 Eeër ginn a **Läichballen** ofgesat an direkt befrucht.

Kierpermoossen:

Bis zu 12 cm



Entwécklung:

Wanterrou: Enn Oktober bis Februar

Paarung an Eeflag: Mäerz/Abrëll

Larven: Abrëll/Mee

Ëmwandelung: Mëtt Juni

Liewensdauer: héchstens 6 Joer

Geschlechtsräif: mat 2-3 Joer

„Waasserfräsch“ (d. Wasserfrosch)

Virkommen:

De Waasserfräsch ass ganz staark un d'Waasser gebonnen. Hien ass och am Dag aktiv a stellt keng grouss Uspréck un d'Gréisst vum Waasser.

Mierkmoler:

Gréngen, oft brong a giel geflecktene Fräsch, mat spatzem Mond an Aen, déi no beienaner stinn. D'Männercher hunn zwou äusserlech Schallblösen. De Schlofendräieck feelt.

Entwécklung:

Wanterrou: Enn Oktober, November bis Abrëll/Mee

Paarung: Mee bis Juli

Larven: Juli/August

Ëmwandelung: Enn August/September

Liewensdauer: héchstens 6 Joer

Geschlechtsräif: mat 3-4 Joer

Biergerinformationswend



Et waren nawell vill BiergerInnen, déi sech d'Méi gemaach haten op d'Héicht ze kommen, fir ze lauschteren, wat de Schefferot hinnen ze soen hátt.

Theme vum Owend waren ënner anerem e Réckbléck op déi vergaange 6 Joer an en Ausbléck op déi kommend Projeten an der Gemeng. D'Problematik vum Dréinkwasser ass un Hand vun enger Powerpoint-Präsentatioun vum Scheffen Rosch Braun erkläert ginn. Aner wichteg Themen waren den Alarm-Tilt, d'Aktivitéitszone zu Angelsbiérg, d'Velospist an d'Renaturéierung vun der Wäisser Ernz vun der Soup op Kéideng an d'Fusioun war natierlech och erëm en Thema.

Duerno war fräi Aussprooch an deen een oder anere BiergerInn huet säin Uleiess virgedroen, wourop e vun engem gutt préparéierte Schefferot eng adäquat Äntwert op seng Fro kritt huet. Bei engem gudde Patt, offréiert vum Schefferot ass dëse BIO-Owend ausgeklongen.

Text: Ren Spautz & Fotoen: Marc





MADAME KARIER-BUCK ALICE

FEIERT HIR 80 JOER

De 27. Juni 2011 huet de Schefferot, d'Buergermeeschtesch Marianne Brosius-Kolber mat hiren zwee Scheffen, dem Rosch Braun an dem Marco Karier, der Madame Alice Karier-Buck mat engem schéine Blumenarrangement fir hir 80 Joer gratuléiert.

D'Madame Karier ass den 21. Juni 1931 zu Schous gebuer ginn. Si war dat Jéngst vun 10 Kanner, 6 Bridder a 4 Schwësteren.

Den 1. September 1951 huet si sech mam Jean-Pierre Karier zu Schous an der Kapell bestuet. Hie war zu Fëschbech um Schlass bei der grossherzoglecher Famill als Chauffeur agestellt an huet do och zwee Joer gewunnt.

Si hunn zäitliewens zesummen zu Schous gewunnt an aus hirem Bestiednes si 5 Kanner ervir gaang. Si sinn haut stolz Grousselteren vu 14 Enkelkanner an Urgrousseltere vu 7 Urenkelen.

Ze soe bleift nach, datt de Scheffe Marco Karier ee vun hire Bouwen ass an datt si elo am September hir Diamantenhochzäit feieren.

D'Redaktiounsteam schléisst sech deene ville Wënsch un a wënscht der Madame Karier-Buck nach vill schéi Joer am Krees vun hirer Famill.

Text a Foto: Ren Spautz



Wahl der Elternvertreter der Angsber Schoul

am 24. Oktober 2011

Zwei Jahre sind fast vergangen, seit die Eltern der Kinder aus der Angsber Schoul zum ersten Mal Elternvertreter gewählt haben. Damals hatten sich vier Personen um das Amt beworben und alle vier wurden von der Versammlung gewählt: Gilberto Dinis, Bärbel Frey, Jean-Marie Pütz und Andrea Wagner. Bärbel und Jean-Marie sind außerdem in die Schulkommission delegiert worden. Dort hatten sie die Möglichkeit, Vorschläge und Anregungen direkt auch mit unserer Bürgermeisterin zu diskutieren. Seit der Wahl waren die vier Elternvertreter bei verschiedenen Fortbildungen. Sie haben in Versammlungen mit dem Schulkomitee und der Maison Relais die Eltern und Kinder vertreten. Mit dem Schulkomitee (Edmond Haas, Catalina Baden, Jacque Wagener) wurden in einer äußerst angenehmen Atmosphäre und einem sehr guten Klima verschiedene Themen rund um die Schule erarbeitet und diskutiert.



Auszüge der Themen in den Versammlungen:

- Neues Schulgesetz
- Schulorganisation
- Stärken und Schwächen der Schule
- Internet in der ANGSBER SCHOUL
- Elternseminar „Lernen macht Spaß! – Oder?“
- Schulwegbegleiter
- Sauberkeit auf dem Schulgelände
- PRS (Plan de Réussite Scolaire)

Seit diesem Frühjahr ist der PRS unter Dach mit einem Zeitrahmen von 2010 bis 2014 mit folgenden Zielen:

Rahmenziel 1: Alle Lehrpersonen erarbeiten ein Differenzierungskonzept, das es jedem Schüler ermöglicht, sein Wissen und Können auszubauen und seine Einstellung zu verbessern.

Ergebnisziel 1: Bis 07/2012 haben alle Lehrpersonen, aufbauend auf den Erfahrungen und Erkenntnissen der beiden schulinternen Weiterbildungen, verschiedene Differenzierungsaktivitäten zur optimalen Förderung der individuellen Lernvoraussetzungen erarbeitet, umgesetzt und evaluiert.

Rahmenziel 2: Alle Lehrpersonen arbeiten an der öffentlichen Darstellung der Schule, um die Zusammenarbeit aller Schulpartner zu stärken.

Ergebnisziel 1: Aufbauend auf der schulinternen Weiterbildung zum Thema „Lernen macht Spaß! – Oder?“, arbeitet das gesamte Lehrpersonal bis 07/2012 Informationen für die Eltern aus, mit Details über Lernmethoden und Hausaufgaben, mit den Erwartungen der Schule, den allgemeinen schulspezifischen Regeln, sowie den alljährlichen Projekten in der ANGSBER SCHOUL.

Interesse am gesamten PRS? Alle Eltern mit Kindern in unserer Schule können das gesamte Werk (35 Seiten) bei einem Elternvertreter oder einem Mitglied des Schulkomitees einsehen.

Am 24. Oktober 2011 ist im Vereinshaus die nächste Wahl der Elternvertreter. Also: Termin bitte vormerken – es gibt nach wie vor viel zu tun.



Besuch der Bundesgartenschau in Koblenz

Gaart an Heem & Chorale Fäschbech

Am Sonntag, den 3. Juli 2011, besuchten unsere beiden Vereine die Bundesgartenschau in Koblenz. Das BUGA-Gelände erstreckt sich vom kurfürstlichen Schloss (Gartenkunst und Schloss im Wandel) über den Blumenhof zwischen Altstadt und Deutschem Eck (Gartenerlebnis, Wasser & Kunst) bis zur Festung Ehrenbreitstein (Gartenwissen, Natur, Umwelt & Gärten).

Höhepunkt war die atemberaubende Seilbahnfahrt über den Rhein. Eine Drei-Flüsse-Panorama-Rundfahrt (Rhein, Lahn & Mosel) rundete diesen Ausflug ab.

Wir beendeten diesen sonnigen Tag in Irrel im Restaurant Koch-Schild.

Text: Marie-Louise Haas-Erpelding & Foto: Dany Hermes

Grillfest beim Seniorenerverein

De 7. Juli 2011 hat eise Veräin all seng Memberen op seng Grillparty invitéiert. Bei herrlichem Wieder hu sech 60 Leit am Veräinshaus zesumme fonnt. Fir Iessen an Drénken war dofir beschtens gesuert. Gegrilltes mat verschiddeenen Zaloten, duerno eng gutt Taass Kaffi an e Stéck Kuch, dat hu mir eis schmaache gelooss.

Duerfir sidd Dir all scho fir d'nächst Joer, de 5. Juli 2012 agelueden.

Text: Marie-Louise Haas-Erpelding
Foto: Dany Hermes



Feierfest

D'Feierlechkeete vum Centenaire si sonndes, de 26. Juni mat eisem éischte Feierfest op der Héicht virugaang. D'Wieder wor vum Feinsten. Ugefaangen hu mer eist Fest mat engem Concert Apéro vun der Noumer Musek. Um Menü stoung Rollbrot mat gebootschte Gromperen. De ganze Mëtten ass Pompjeesmaterial ausgestellt ginn, ewéi zum Beispill: eng al Leeder an en ale Camion aus der Fiels, eng nei Dréileeder vu Lëntgen an e sëllechen aner Gefierer vun den Hiefenecher a Fielser Pompjeeën an der Protection civile aus der Fiels.

D'Firma Stoll huet op der Plaz iwwer Rauchmelder informéiert an och Feierläscher kontrolléiert. Eise Jugendleader, de Pol Daems, huet eng sëlleche kleng Experimentier virgefouert, ënner anerem och eng ganz impressionant Fettexplosioun. Um 15.00 Auer huet eis Jugend eng Demonstratioun mat der aler Schéisser Pompel gemeet an duerno si Leit vun der Fielser Protection Civile an den Asaz komm an hunn eng Victime ënnert engem brennende Container gerett.

Niewent all dësen Aktivitéiten hate mir awer och un déi Kleng geduecht an en Zelt mat Bastelatelieren a Spiller stoung prett, niewent dem Sprangschlass.

Am Nomëtten hunn d'Krunnemécken mat hiren Akkordeone fir Stëmmung gesuert. De Feedback vun de Leit wor esou positiv, dass ech mengen, mir kommen net derlaanscht an engem nächste Comité iwwert eng Suite vum Feierfest nozedenken.





Nationale Jugendconcours



Samschdes, no eisem Feierfest wor et um nationale Jugendconcours, deen duerch eis Jugendleader de Mike an de Pol Daems bei der Sportshal FILANO op Biirkelt ofgehalen gouf. Nees hu mer eis getraff, fir d'Zelter a Griller opzeriichten an déi eenzel Ekippen ze bekäschtlegen. Eng Ronn 250 Leit woren dësen Dag um Site.

Eise Kommandant de Lucien Karier an d'Madame Buergermeeschter Marianne Brosius-Kolber, Vize-Presidentin vum Organisatiounscomité, hunn den 1. Juli dem Grand-Duc Jean eise neie Fändel presentéiert. Bei där Geleeënheet huet de Grand-Duc Jean, deen de Patronage vun eise Feierlechkeeten iwweholl huet, och e klenge Souvenir kritt.

Wé geet et elo weider? Vum 21.-24. Juli ass op der Héicht am Veräinshaus e Jugendcamp mat Jugendlecher aus verschidde Sparte vun eiser Gesellschaft, an de 24. September ass e Jugendrallye.

Als Ofschloss vun eisem Centenairesjoer ass vum 11.-19. November eng Pompjeesmaterial- a Fotosausstellung op der Héicht, déi den 13. November mat der Kiermesham hiren Héichpunkt wäert hunn. Bei dëser Geleeënheet gëtt och eist Buch presentéiert.

Text: Luss Brosius & Fotoen: Marc Kolber





Meesebuerg wäert iwwerliewen

e kleng Réckbléck op d'Härläichepréssessioun am Juni an aner wichteg Etappen vun der Meesebuerger Por

Wéi d'Traditioun et esou wëll, ass a verschiddene Poren op Härläichendag eng Préssessioun. Um Fest vun Härläichendag oder Erläichendag feiert d'Kierch d'Presenz vu Jesus-Christus an der Eucharistie. D'Wuert Härläichendag bezitt sech op den Dag vum Läif vu Jesus-Christus. Dëst Fest gëtt 60 Deeg no Ouschtere gefeiert an ass a verschiddenen Deeler vun Däitschland nach e Feierdag. Zu Lëtzebuerg gëtt Härläichendag den zweete Sonndeg no Päschte gefeiert an zu Meesebuerg ass gewéinlech op deem Dag eng Préssessioun, wou een d'Méiglechkeet huet d'Meesebuerger, Porkierch, de wonnerschéine Schlasspark an d'Schlasskapell ze gesinn.



Mee wou kënnt dës al Traditioun hier? Souwäit ech dat a verschiddenen Zeitungsartiklen noliese konnt, sinn d'Kierch mam Kierfecht niewendrun ëm 1840 entstan. Virdu wor Meesebuerg nach en Deel vun der Por Noumer; mam Bau vun der Kierch ass Meesebuerg dun 1844 zu enger Por mat der Filial Angelsbiere ernannt ginn. D'Parkierch ass dem Fest vun der „Kreuzerhöhung (14. September) geweiht an d'Filialkierch Angelsbiere dem hellege Kornelius (16.09). D'Kiermes gëtt den éischte Sonndeg am Oktober gefeiert. Geographesch gesi gehéiert Meesebuerg zu der Gemeng Fiels; wat d'Organisatioun am Bistum ugeet, ass Meesebuerg en Deel vun der Pastoralregioun Zentrum, vum Dekanat Miersch a méi genee vum Parverband Miersch, deen 1989 gegrënnt gouf a siwe Poren regroupéiert. An den Artiklen vum Joseph Heintz (LW-1980) kann een noliesen, datt de Kiercherot de 16. Mee 1844 eng éischte Kéier beienaner soutz. Ëm 1850 sinn ëmmer méi Awunner vu Meesebuerg fortgaangen a vum

Duerf Meesebuerg si just nach e puer Haiser iwweg bliwwen. Anscheinend wor den deemolege Schlasspropriétaire Jean-François Reuter d'Heddesdorff net ganz onschëlleg un där Situatioun. Déi aktuell Säitenaltär, déi elo fir déi lescht Préssessioun nees opgeriicht goufen, stamen aus der fréierer Schlasskapell a woren eng Schenkung vum J-F Reuter d'Heddesdorff, deen dofir e Stéck vu fënnef Meter carré beim Kräiz um Kierfecht am plaz krut. Wéi hien 1851 op Bréissel fortgoung, huet hien der Por nierft engem Kielech och nach eng Toile mat der Szen, wou de Jesus vum Kräiz erofgeholl gëtt, geschenkt. Well Meesebuerg ëm 1858 net méi vill Awunner hat, goufen vun do un och Leit vun Angelsbiere an de Kiercherot opgeholl an d'Meesebuerger Kierch huet ëmmer méi u Bedeitung verluer. An enger Réunioun vum Kiercherot vun 1884 gouf décidéiert, den Dafsteen vun der Meesebuerger Porkierch an der Filialkapell vun Angelsbiere opzestellen. En anere wichtige Ament vun der Porgeschicht ass, wéi 1855 d'Schlass mat allen Dépendancen un de Pränz vun Arenberg verkaaft gouf. Hien huet an de Joren duerno op seng eege Käschten en neit Schlass gebaut an huet de Kierfecht vergréissere gelooss. 1948 ass de leschte Pränz vun där Famill, en Neveu vun him, de Pränz Charles Prosper (Prince et Duc d'Arenberg, Prince du Saint-Empire) gestuerwen a seng Madame huet nach laang duerno am Schlass gewunnt. 1970 gouf d'Schlass vun der Famill Alfons Spiegelburg-Brennkmejer opkaaft, déi de Site mat vill Léift a Kompetenz nees en Valeur gesat huet.





An all deene Joren wor et roueg ëm d'Meesebuerger Porkierch ginn, déi lues a lues zerfall ass. Wéi 1975 den Abbé Camille Eyschen d'Geschécker vun der Por iwwerdroe krut, huet hien sech direkt fir d'Erhale vun der Porkierch agesat, déi sou eemoleg schéin mattsen an der Natur läit. Eng vu sengen éischten Initiativen wor et, e Kierchebauveräin an d'Liewen ze ruffen, dee sech aus Leit vun der Par an dem Schlasspropriétaire Spiegelburg zesummegesat huet.

D'Porgemeinschaft huet den ambitiëse Projet mat vill Engament matgedroen. Keng Méi a keng Käschte goufe gescheit, fir d'Renovatioun vun der Kierch an Ugrëff ze huelen. Nierft der Installatioun vun enger Gasheizung goufen och nei Fënstere bestallt. D'Gemenge vu Fëschbech a Fiels hunn de Financement vun der Daachreparatur garantéiert. Duerno gollt et nach, eng nei Façade, Aarbechten am Klackentuerm an d'Leeë vun Drains ronderëm d'Kierch z'organiséieren, éiert an der Porkierch nees Gottesdingschter ofgehale konnte ginn. Vun do un gouf dun nees méi regelméisseg eng Mass zu Meeseburg ofgehale (éischte Sonndeg am Mount); nom Déngscht goufen dann all Kéiers d'Griewer geseent.

Et wor de Paschtouer Camille Eyschen, deen d'Traditioun vun der Erläichenprëssessioun nees opliewe gelooss huet. D'Famill Spiegelburg huet dës Initiative ënerstëtzt a fir déi Geleeënheet de Schlasspark speziell gerëscht. Se huet all Kéiers d'Dieren vun der Schlasskapell opgemat. Dëst Joer wor et déi 40. Kéier, datt d'Famill Spiegelburg eis et erméiglecht huet, d'Härläicheprëssessioun op hirem Besëtz ofzehalen. De 26. Juni moies gouf d'Mass an der Porkierch gefeiert an d'Awunner an hir Gäscht konnten deen Dag fir d'éischt nees d'Säitenaltär bewonneren, déi extra fir dës Geleeënheet opgeriicht goufen. Duerno gong et bei schéinem Wieder mam hellegen Sakrament bei den éischten Altar an de Schlasspark a vun do aus an d'Schlasskapell. No enger leschter Etapp beim Altar am Park huet de Père Antoine an der Meesebuerger Porkierch de Schlussege ginn. D'Iwwerschrëft vun engem Zeitungsartikel vun 1976 „Meysenburg wird überleben“ ass wéi et schéngt ganz aktuell, well sou wéi et ausgesäit, ass de neie Propriétaire vum Schlass, d'Gesellschaft Domaine de Meysembourg, représentéiert vun sengem Gérant, dem Här Christophe Clasen, dee bei der Prëssessioun dobäi wor, averstan, dës flott Traditioun weiderzeféieren“

Text: Chantal Fohl & Fotoen: Dany Hermes

Quellen: LW: Joseph Heintz, C.E. 1976, Jean Haan 1982 / Internet: wikipedia.lu, cathol.lu, parverband-miersch.lu



Schoulfest 2011

Sidd der bei Sënnen?



An nees ass e Schouljoer op en Enn gaang. Wéi d'Gewunnecht et wëllt, gouf och dëst Joer den Ofschloss mat engem Fest an a ronderëm d'Schoul gefeiert. Fir d'Kanner ass et moies scho lass gaang. D'Léierpersonal hat sech en etlech Spiller ausgeduecht, déi si ronderëm d'Schoul an am Duerf op d'Bee gestallt haten. Si haten alleguer zum Thema: "di mënschlech Sënner". Net ze verwieselen mat de mënschleche Sënnen!! Do konnten d'Kanner sech a Gruppe mat Richen, Lauschteren, Kucken, Fillen a Schmaache beschäftegen. An als besonnesche Gag waren di Gruppen net no de Schouljoren opgedeelt, mee queesch duerch all Joergäng, sou datt grouss a kleng och emol d'Geleeënheet hat, fir sech (erëm) kennen ze léiren. A wësst der wat? Si hunn dat richtig „cool“ fonnt! Och fir d'Léierpersonal war et eng wëllkomme Geleeënheet, fir och emol mat aneren Altersklassen a Verbindung ze kommen.

An der Mëttesstonn gouf et dunn di traditionnel Spaghettien, offrëiert vun der Elterevereinigung an duerno koum den zweeten Deel vum Sënne-Marathon bis um 4 Auer.

Eng flott Tombola a Face-painting hu gehollef, d'Waarden op dat wat nach koum, ze verkierzen. Wéi du bis e sëllegen Elteren um Fest ukomm waren, koum den Héichpunkt vum Schoulfest op deen sech d'Kanner scho säit Woche virbereet haten: d'Mini-Playback-Show.

D'lescht Joer bei där éischter Édition waren néng Nummeren ze gesinn an dëst Joer haten sech Kanner ugemelt fir 14 Nummeren. Ass dat dann näischt?

Mee net nëmmen d'Zuel ass kräfteg an d'Luucht gaang, mee och d'Qualitéit vun de Performancen war richtig gutt. De Publikum ass dann och entsprechend matgaang an d'Stëmmung war einfach „mega“. Och dem DJ Roadrunner (Christian Molitor) an dem Présentateur Ben Lehnen hir Begeeschterung hunn hiren Deel derzou bäigedroen fir dee ganze Spektakel gekonnt iwwert d'Bühn ze bréngen. D'Membere vum Jury (Michèle Wagner, Catalina Baden, Dirk Hanfland an Edmond Haas) haten dann och eng schwéier Aufgab, fir aus deene ville flotte Stécker di dräi bescht erauszepicken. Hei hire Verdikt:



1. Plaz: Céline Cordobés a Mariana Rodrigues Teixeira fir hir Interpretatioun vun "On the floor ft. Pitbull" vum Jennifer Lopez
2. Plaz: Chiara Knepper fir Satellite vum Lena
3. Plaz: Laurie Pütz, Lynn Lehnen an Gina Schaeffers fir Waka, Waka vum Shakira.

De Präsident vun der Elterevereenegung, de Jean-Marie Pütz an d'Sekretärin, d'Andrea Wagner hunn de Gewënner hir Präisser iwwerrecht an duerno krut nach all Participant en Diplom als Erënnerung. Aus dem Erléis vum Schoulfest hunn si dann och nach dem Schoulcomité e Scheck iwvert 500 € iwverrecht, deen ënnert aneren dofir geduecht ass fir der Schoul hir Bibliothék mat neie Bicher anzedecken.

Bei Musek, Danzen, Iessen an Drénken ass den Dag lëschtig ausgeklong.

Text: Frank Weyrich a Fotoen: Marc Kolber





Minicamp „Trau dech – 1

Ënnert dësem Motto ass en Donneschden, den 21. Juli 2011 e Minicamp vun de Pompjeeën aus der Gemeng Fëschbech, zu Schous op der Héicht lassgaangen.

Un dësem Camp hunn awer net nëmme Jugendpompjeeën deelgeholl, mä ganz nom Mill Majerus senger Idee, Jugendlecher vu verschiddene Sparten aus eiser Gesellschaft.

38 Jonker hunn hir Zelter zu Schous niewent dem Veräinshaus opgeriicht, fir 4 Deeg zesummen z'erliewen. Derbäi woren d'Angelduerfer Jugendpompjeeën, Flüchtlinge vun der Caritas, Lëtzebuerger Guiden a Scouten vun Esch Grenz, Jonker vun Dräibuer an aus der Angsber Primärschoul, esouwéi Jugendpompjeeën aus der Gemeng Fëschbech.

Nodeems d'Zelter opgeriicht woren, huet de Campchef Mike Daems an de Kommandant Lucien Karié de Camp de Jugendlechen an e puer Éieregäscht erklärt. D'Madame Buergermeeschter Marianne Brosius-Kolber huet nëmme luewend Wierder fir dës Initiative fonnt an zesumme mam Mike de Camp symbolesch mat engem Lagerfeier opgemeet.

E Kenneléierspill ass gemeet ginn an eng flott Eröffnungsveillé. An no engem klengen Nuetsmarsch si mer dun och all midd an eis Feldbetter gefall.

Den 2. Dag stoung ganz ënnert dem Motto Sporttrips. No engem gudde Kaffisbuffet ass de Pic-nic preparéiert ginn. Mat 2 Busser vum Sales wore mer ënnerwee! Eng Ekipp op Lëtz an eng Ekipp an de Mariendall. Mëttes ass gewiesselt ginn.



Text: Luss Brosius

Fotoen: Lëtzebuerger Wort & Luss Brosius



Together 2011"

Mee Sporttrips wat ass dat eigentlech? Zu Lëtz hunn 2 Moniteure vum SNJ eis gewisen, wéi ee mat engem Kayak fiert an dass een och nach aner Saachen mat esou eppes kann maachen ewéi zum Beispill driwwer lafen an der Mëtt vum Stau. Et wor einfach genial. Am Mariendall ass et an d'Lut gaangen, nämlech um Héichseelgart vum SNJ, wou och 3 Moniteuren hiert Besch ginn hunn, fir dass keen erofgefall ass an awer Spaass hat.

Jee, et wor e flotten mä ustrengenden Dag, dofir ass no der Spaghetti och just nach e kleng Film mat Popcorn a Glace gekuckt ginn.

Um Samsden hu mer dun nom Kaffi verschidden Atelierer gemeet. Niewent Pizza baken, Djambé spillen, Selfdefense, Pompjee sinn, bastelen a jongléieren ass och eng Zopp am Buedem gekacht ginn a Stackbrout um Lagerfeier gedréint gi.

No dese verschiddenen Atelierer ass et op d'Duerfspill gaangen. Niewent Froen zur Gemeng, huet een och missten tauschen. All Ekipp huet e Bic matkritt. Erëmkomm si se mat enger Lanter, engem Electrogrill, enger Këscht Persil an esouguer mat engem Radio. Merci de Leit aus der Gemeng, dass se esou flott matgemeet hunn. Eis Membere vum Corps hate fir mëttes Zalote preparéiert a verschiddener sinn owes fir eis grille komm. Als Ofschloss vum Dag gouf nach e Völkerballturnéier gemeet.

Um Sonnden wor et och schonns nees eriwwer. Et ass agepaakt an Äddi gesot ginn. Et woren 4 super Deeg mat neie Frënn. Merci alle Leit déi gehollef hunn, ganz Speziell dem Mike, Pol, Lucien, Anne, Liz,

Saskia a Georges. Natierlech och eise Gemengeservice an all de Sponsoren, ganz besonnesch dem Cactus an dem Sales-Lentz. Och Merci un all déi, déi spontan eng Hand an der Kichen mat ugepaakt hunn.

Wie weess, vläicht wor et jo net dee leschte Camp op der Héicht.



VERÄINSHAUS

